
# DONE!
# BILAN 2017-2023
# OP DE PUNKT.

Abrëll 2023

CSV BETZDER



Sylvette Schmit-Weigel



Marc Ries



Oli Sigurdsson

## CSV BETZDER HUET VILL GESCHAFFT A WUERT GEHAL!

### WUNNENGSBAU

- Mam Bäitrëtt 2021 zum Logementpakt 2.0 engagéiert sech Gemeng **abordabel Wunnengen** ze **schafen** a Bauterrain fir Wunnengsbau ze **mobiliséieren**.
- An den nächste Joeren **iwwert 100 Wunnengen am Gemengebesëtz!** 2017 waren et der 6!
- **Eis Wunnengsbauprojeten:**
  Bierg – 25 Wunnengen an engem autofräie Quartier
  Betzder – 31 Wunnengen, en intergenerationellen Projet fir Jonk an Al
  Menster – 30 Wunnengen
  Ouljen – 7 Wunnengen
  Rued-Sir – 30+ Wunnengen





### SPORT

- **Nei Tennishal** zu Rued-Sir.
- Ausbau vun der Tennishal zu Gréiwemaacher.
- **Ausbau vun der Offer** am Sport mat Basket.
- **Moderniséierung** vum **Fussballstadion** „op Biirk“, Erneierung vum Grasterrain.

Traduction | Translation | Tradução | Übersetzung

KUCKT IECH DEN DETAILLÉIERTE BILAN 2017-2023 UN!

betzder.csv.lu | CSV Betzder

## SÉCHERHEET

- Duerch Zesummenaarbecht mam CIS Menster ass den **neie Pompjeesbau** säit 2021 a Betrib.
- **D'Defibrillatoren** an allen Dierfer vun onser Gemeng.



## GEMENGENENTWÉCKLUNG

- 2023: **iwwer 4000 Awunner!** Et ass wichteg um infrastrukturelle Plang dëser Entwécklung ëmmer e Schratt viraus ze sinn! Dofir hu mir **3 Strategieplàng** ausgeschafft:
  1) fir déi zukünfteg Entwécklung vum Schoulcampus
  2) fir d'Entwécklung vun der Waasserversuergung
  3) fir d'Entwécklung vun der lokaler doucer Mobilitéit
- **Neie PAG** ass a Kraaft !
  Doduerch → méi Planungssécherheet fir de Bierger & Weiche fir déi zukünfteg Entwécklung vun onser Gemeng geluecht.








## ENG LIEWEG GEMENG

- Ëmbau vun der „Aler Scheier" zu Betzder als Centre culturel mat engem **Duerfkaffi**.
- **Nei Spillplazen** zu Bierg an Ouljen.
- **Neie Versammlungsraum** zu Bierg.
- **Fieweschplaz**, Infrastrukture fir weider flott Fester am Zentrum vu Menster.
- **Café de l'Amérique** zu Ouljen.
- Projet **Gemeinschaftsgaart** gouf realiséiert.
- **Iewescht Bowéngs**, en neit Doheem fir d'Widdebierger 50+ an d'Jugendhaus.
- App **"Hoplr"**, e soziaalt Netzwierk mat Erfolleg.
- Projet **Märchewee** ronderëm de leschte Wollef.
- **"Betzfield Open Air"** an Diversifizéirung vun der **kultureller Offer.**

## FINANZEN

- Finanziell steet d'Gemeng op engem zolitte Fundament mat engem gesonden Iwwerschoss am ordinäre Budget vun iwwer **3,5 Milliounen Euro pro Joer.** Zukünfteg Investissementer sinn also weiderhin méiglech!








## WAASSERVERSUERGUNG

- **Neien Drénkwaasserbehälter** gouf zu Rued-Sir ënnert de Pompjeesbau gebaut.
- E **weidere Baseng** ass zu Rued-Sir a Planung.
- En **direkten Uschloss un d'Sebesleitung** ass geplangt.

## ËMWELT AN ENERGIE-VERSUERGUNG

- Nohalteg Politik mam Klima- an Naturpakt! Zesumme mam Klimateam an dem Klima- an Naturschäffe Marc Ries huet ons Gemeng schonns **60% vun de Klimapaktziler zertifiéiert** kritt. Och am **Naturpakt** hu mir **47% vun den Ziler erreecht.**
- **Ausbau vun de Solaranlagen : 25% vun den Haushälter** sinn domat mat Stroum **versuergt**.
- An der Flughafekommissioun vertriede mir ons Bierger a punkto Fligerkaméidi.
- Neit **Offallreglement**: Aféierung vum Prinzip „Pollueur-Payeur".
- **Aktiven Naturschutz** duerch de Kaf vun ronn 7,6 Hektar Land.
- **Energie aspueren** duerch d'Ëmrëschten vun de Stroosseluuchten op LED.
- Bau vun enger neier **Crèche** zu Rued-Sir, e **Pilot-projet fir nohalteg Bauen.** Baumaterialien aus onser Gemeng gi „reused" a weider benotzt.
- Mir hunn een **100% elektresche Schoulbus (designed by Schoulkanner)** an 4 nei **100% elektresch Gefierer** fir d'Gemengeservicer.
- Ënnerstëtzung vun de Veräiner fir dem neien Offallgesetz gerecht ze ginn, duerch d'Uschafe vun engem Spullweenchen a weiderem ekologeschem Material

## MOBILITÉIT AN VERKÉIERSSÉCHERHEET

- Am nationale Mobilitéitsplang (PNM 2035) sinn 3 grouss Infrastrukturprojeten zeréckbehale ginn:
  1) **Réckbau vun der Nationalstrooss zu Rued-Sir** mat Schafung vu **méi Raum fir Foussgänger a Vëlo.**
  2) **Nei national Vëlosverbindung tëschent Ouljen a Jonglënster.**
  3) Bau vun engem **Vëlosexpresswee tëschent Rued-Sir a Gréiwemaacher.**
- Duerch **eisen Asaz fir d'Buslinn 322** ass eng attraktiv Verbindung Richtung Stad dobäi komm.
- Fir **d'Verkéiersberouegung** hu mir vill **Stroossen reamenagéiert** a **Vitesslimitatiounen** vun 70km/h op 50km/h (Bierg N1) respektiv vun 50km/h op 30km/h (Rued-Sir, Menster) rofgesat.
- Opstelle vun digitale **Vitesspanneauen.**
- **Beliichtung** an Ofsécherung vun den **Zebrasträifen**.
- Ausschaffe vun engem Projet fir weider Reamenagementer vu Stroossen. Weider Verkéiersberouegunge si virgesinn.
- Bau vun engem Trottoir bis bei d'Grott zu Betzder.
- Bau vun engem **Verbindungswee tëschent der Millen an dem Duerfkär** zu Ouljen.
- **Nei** attraktiv **Vëlosverbindung** laanscht N1 a Richtung Nidderaanwen mat Verbindung un den neie Supermarché an de Pompjeesbau.



## SCHOUL A JUGEND

- **Strategie bis 2050** fir den Ausbau vun de Schoulinfrastrukturen opgestallt.
- **Planung vum Ausbau vun der Kichen** vun der Maison Relais.
- **Nei Crèche** ab 2024 fir ronn 90 Kanner.
- Enquête iwwert Satisfaktioun vun den Elteren mat de Servicer vun der Maison Relais → 86% zefridden.
- Neit Doheem fir **d'Jugendhaus** am Iewescht Bowéngs.
- Zousätzlech **Nightlife- an Eventbusser.**



## SAVE THE DATE:

**AFTER-WORK**
**27.04.**
ab 17 Auer

**BOTZAKTIOUN**
**06.05.**
um 10 Auer zu Rued-Sir



## CSV BETZDER :

### ENG AKTIV SEKTIOUN MAT VILL MOTIVÉIERTEN AN ENGAGÉIERTEN MEMBEREN ! MELL OCH DU DECH !

betzder@csv.lu